LA RELÈVE EST ASSURÉE

Dir als Pompjeeë sidd de wichtegste Pilier vum CGDIS. All Dag rett Dir Liewen a setzt Iech fir d'Sécherheet vun Äre Matmënschen an. Dësen Deel vum Magasinn ass dohier Iech, ob Jugend, operationelle Pompjee oder Veteran, dediéiert.

# Communauté

WILTZ

## De Pompjeesmusée vum Lëtzebuerger Pompjeesverband

Patrick Juncker, Präsident „Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz“ Pompjeesmusée an der Géitz





Eng al Pompjeeskasär vum fréiere Corps Nidderwooltz gouf an de Pompjeesmusée vum Lëtzebuerger Pompjees-verband ëmgewandelt.

Säit dem Fréijoer 2020 huet de Pompjeesverband op 2, rue Geetz zu Nidderwooltz d'Diere vum Pompjees-musée opgemaach.

Am Mäerz 2016 war eng Dele-gatioun aus dem Verbandsbüro vun der Fédération nationale des pompiers (FNSP) zu Gaascht an der Schwäiz fir un enger Reunioun iwwert „Freiwillige Feuerwehren in Europa“ deelzehuelen. Am Kader vun dëser Reunioun stoung och eng Visitt vun de fräiwëllege Pompjeeë Rietenberg (CH) um Programm.

Virun der Rietenberger Kasär ass een Holzbau an deem de lokale Förderverein ee klenge Pompjees-musée ageriicht huet. Hei ass d'Iddi gebuer ginn, fir och zu Lëtzebuerg ee klenge Musée opzemaachen, ouni natierlech am Hannerkapp de Projet vum grousse Pompjees-musée ze verléieren.

Duerch Zoufall war eng al Pompjeeskasär vum fréiere Corps Nidderwooltz fräi, wou d'Gemeng keen Notze méi derfir hat. Hei sollt also Geschicht geschriwwe ginn. No enger Visitt vun der Kasär vum Comité executif (CEX) vum Pompjeesverband, ass de Bail ënnerschriwwe ginn. Am November 2017 ass et dunn och vum CEX gréng Luucht gi fir d'Realisatioun vum Muséesprojet. Véier Veteranen hunn sech dëser Saach ugeholl a méi spéit sollten nach 2 weider Kolleegen dem Grupp ugehéieren.

D'Gebai war an engem schlechten Zoustand, esou dass alles huet musse sanéiert ginn. Dat huet ee grousse finanzielle Kraaftakt mat sech bruecht. Ons ass et gelongen eng ganz Partie Betriber fir dëse Projet ze begeeschteren, fir esou déi fir d'Renovéierung noutwenneg Finanzen ze sammelen.

Insgesamt si ronn 370.000 € fir de „Pompjeesmusée an der Géitz“ investéiert ginn.

An iwwer 5.500 Stonnen huet d'Equipe an Eegeregie eng Plaz geschaaft, wou jidderee, vu jonk bis al, d'Geschicht iwwert Pompjeeswiesen erzielt kritt. Dat meeschte Material krut de Musée vu private Leit. Verschiddent Material staamt och aus der Hal vu Colmar-Bierg, wou säit Jore schonn historesch Stécker vun der Musees-kommissioun gesammelt ginn.

**Wann een seng Vergaangenheet net kennt, da kann een d'Géigewaart net verstoen.**

De Pompjeesmusée, mat allem wat dozou gehéiert, ass een „Hommage“ un all déi Pompjeeskolleege vu fréier, déi net dat héich modernt Material vun haut haten …

Um Rez-de-chaussée vum Musée gesäit ee Material vun der fréierer Protection Civile an de Pompjeeën. Um 1. Stack gëtt d'Geschicht vum Pompjeesverband virgestallt an hei ginn et verschidden Uniformen aus vergaangenen Zäiten ze gesinn esou wéi och een Eck speziell fir d'Kanner. An der kuerzer Zäit wou d'Diere vum Musée op sinn, konnte bis haut schonn iwwer 1.100 Leit hei begréisst ginn. De Musée ass all Samschdes vun 10 Auer bis 18 Auer op. Och ausserhalb vun dësen Zäite si Visitte méiglech op Rendez-vous.

Am Dezember 2019 ass de Veräin „Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz“ gegrënnt ginn. De Veräin, als Member vun der FNP, huet per Konventioun d'Gerance vum Musée uvertraut kritt. Eis Ekipp besteet aus 12 Leit, déi de Fonctionnement garantéieren. Och niewent de Presen-zen am Musée sti verschidde Reno-vatiounen um Programm. Esou konnte bis elo a gemeinsamer Aarbecht dräi al Pompelen an een Tragkraftspritzen-fahrzeug (TSF) vun 1957 (Corps Téiteng) scho restauréiert ginn. Och hu mir ab dësem Joer ee Sprang-zelt (Pompjeessprangcamion) vun der Amicale vum Kanton Réiden iwwerholl. Dëst ka fir all Fest bei ons gelount ginn. De Musée freet sech natierlech och iwwer all aner Spend.

Merci, dass de Pompjeesmusée eng Plaz an dëser Zeitung krut a Merci dem CGDIS fir di gutt Zesummenaarbecht.

Bis geschwënn!